

eeben dee Präis, dee si bidden. Dat heescht, si soen zu mir, dass si och guer keen Interêt hunn, fir Bauholz ze huelen. Gutt. Dat wëll ech awer, dass dat méi kloer gëtt an Zukunft.

An dann déi lescht wichteg Fro ass: Aus wéi engen Distanzen? An de Gros vun deene Pellets, dee kënn wierklech maximal ..., also dee kënn vill aus Rheinland-Pfalz, dat ass dee gréissten Deel. Dat sinn dann emol 150, 200 Kilometer. Firwat aus Rheinland-Pfalz? Well a Rheinland-Pfalz ganz vill Seeëreie sinn, wou dann d'Reschter, also d'Offäll aus deene Seeëreien, herno zu Pellets verschafft ginn.

Gutt. Mir sinn do um Wee, am Gespréich mat deem Operateur, fir eeben ze kucken, dass en dat nach besser zertifizéiert elo an Zukunft. Dat heescht, Pellets ass haut eng besser Alternativ wéi fossill Energien. Et ass awer elo net eppes, wat eis iewescht Prioritéit ass. Eis iewescht Prioritéit ass Renovatioun an dann dat Ganzt eriwuerzeien op d'Wärmepumpelen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo, wann ech just nach eng Kéier kéint nofroen: déi lescht Fro, wat mat den Äsche geschitt. Dat ass jo awer och eng interessant, also soulaang Pellets elo nach benotzt ginn. Ech konnt jo e bëssen erausliesen, dass de Minister, wann ech dat esou ka soen, kee Fan ass vun de Pelletsheizungen. Mee wat geschitt mat den Äschen aktuell, zum Beispill um Kierchbiereg?

**M. Claude Turmes**, Ministère de l'Énergie | Dat ass eng gutt Fro. An ech weess dat net mat leschter Sécherheet. Ech weess, datt ech déi elo geschwënn eng Kéier besiche ginn an ech ginn Iech dann eng schrëftlech Äntwert dorobber.

Merci.

(Interruption)

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Mir wäeren och drun interesséiert.

(Hilarité)

Merci dem Här Minister.

## 11. 7866 – Projet de loi portant création d'un établissement public nommé « Kultur | lx – Arts Council Luxembourg » et instauration d'un régime d'aides financières et portant modification :

1<sup>o</sup> de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

2<sup>o</sup> de la loi modifiée du 24 juillet 2001 portant création d'un établissement public nommé « Centre Culturel de Rencontre Abbaye de Neumünster » ;

3<sup>o</sup> de la loi du 26 mai 2004 portant création d'un établissement public nommé « Centre de Musiques Amplifiées » ;

4<sup>o</sup> de la loi du 16 décembre 2011 portant réorganisation de l'établissement public nommé « Salle de concerts Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte » et de la Fondation Henri Pénis

Da géife mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 7866, d'Kreatioun vun engem „Arts Council Lëtzebuerg“, „Kultur | lx“. An d'Rapportrice, de Rapporteur, d'Madamm Djuna Bernard, ass scho prett. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission de la Culture

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. „Arts Council“, „Kultur | lx“, „Kulturrot“:

Ech erënnere mech gutt un den Echange mam Kultursecteur am Mäerz 2019, wou deelweis hëtzeg iwwert den Numm an d'Form vun dësem Gremium diskutéiert gouf. Haut heescht den neien Établissement public, dee mat dësem Gesetz gegrennt gëtt: Kultur | lx – Arts Council Luxembourg. En huet d'Missioun, de finanziellen Support an d'Professionalisation vum kulturellen an artisteschen Sektour zu Lëtzebuerg besser ze strukturéieren an natierlech och eis Konschtere am Ausland ze promovéieren.

Virun 20 Joer scho koum d'Iddi ronderëm esou an Arts Council op a si gouf ëmmer méi konkret an de leschte Joren. Si gouf jo och an anere Beräicher schonn ëmgesat. Ech denken do u Luxembourg for Finance oder Luxembourg for Tourism, an net ze vergiessen natierlech och eise Focuna, de Fonds culturel national, dee ganz sécher scho säit ville Joren eng wichteg Ulafstell fir d'Kulturzeen war, wann et ëm international Mobilitéit vun Artisten gaangen ass oder ëm d'Förderung vu kulturellen Projeten a Kreatiounen.

Spezifesch Initiativen aus der Kultur hunn eng wichteg Virreiderroll fir Kultur | lx ageholl, notament Music:lx, déi 2009 gegrennt goufen an den Export vun Lëtzebuerg Musek zur Aufgab haten, oder och nach Reading Luxembourg, déi sech ëm den Export vun eiser Literatur an d'Promotioun vun den Auteuren gekëmmert hunn.

Kultur | lx ass also eng Entwécklung, déi net aus dem Näscht koum an déi dowéinst och am Kader vun eisem KEP, eisem Kulturentwécklungspang, ënnert der Mesure 8 proposéiert gouf.

Säit Abrëll 2019, an der Suite vun deem viregtenannten Echange vum Kultursecteur zum Thema, huet sech e Comité de pilotage aus Verrieder vun deene verschiddensten artisteschen Beräicher mam Kulturministère zesummegevat, fir e gemeinsame Modell vun engem Arts Council zu Lëtzebuerg auszeschaffen a funktionéieren ze dinn. Wichteg war hinne vun Ufank un, eng Struktur ze schafen, déi de Besoin vun de Kulturschaffenden, Artisten, Kreativen a Föderatiounen géif entsprechen an déi eng Äntwert op hir Besoinen a Realitéiten sollt bidden.

Am Komitee si sechs ganz verschidde Secteuren vertruuden, notament: d'Architektur, den Design an d'Métiers d'art, d'Arts multimédias an numériques, d'Arts visuels, d'Literatur an d'Editioun, an dann nach d'Musek an de Spectacle vivant. Si all hu sech am Virfeld zu dësem Gesetz schonn 2020 als ASBL de préfiguration constituéiert, si schonn aktiv a wäerte mam Vott vun dësem Gesetz dann zum Établissement public ginn.

A puncto Forme juridique gouf decidéiert, wéi gesot, en Établissement public ze grënnen, well dës Form et erlaabt, souwuel um nationale wéi internationalen Niveau de Sektour a senger Diversitéit ze ënnerstëtzen. Ausserdeem erlaabt et hinne, eng gewëssen Onofhängegkeet ze hunn an natierlech och punktuell Ënnerstëtzung kënnen ze assuréieren. An natierlech hu se domadder och déi néideg Autonomie an Assise, an doduerch bedéngt natierlech och d'Diversitéit an d'Representativitéit vum Sektour, deenen eeben an deene verschiddensten Entscheedungsgremien representéiert ass. De Conseil d'administration besteet deemno aus eelef Memberen, dorënner fënnf Verrieder/innen vu Ministère a fënnf Verrieder/innen aus der Kulturwelt an ee Representant vun der Œuvre nationale de secours Grande-Duchesse Charlotte.

D'Direktioun vu Kultur | lx besteet aus zwee Leit, déi notament den nationale wéi den internationalen Handlungsberäich vun der Organisatioun verantworten. A ronderëm si fënnt een natierlech déi

Responsabel fir déi sechs verschidde Konschtersparten, e Service d'administration an d'Communication.

Nieft der Promotioun vun eiser Kulturzeen sinn och d'finanziell Aiden, déi Kultur | lx diffuséiert, e wichtige Bestanddeel vun hirem Wierken. Hei ginn am Gesetz ënnerschiddlech Formen virgesinn, ob Subsidien, Boursen, Remboursementen oder Boursegarantien. Donieft ass d'Aufgab vu Kultur | lx, de Sektour weider ze strukturéieren, andeems se Formatiounen ubidden a Begleedung an Ënnerstëtzung assuréieren, natierlech ganz konkret dorop gemënt, wat d'Entwécklungsméiglechkeeten vun eisen Artistinnen an Artisten ugeet. Wichteg ass dobäi, dass d'Diversitéit vum kulturellen Sektour an d'Heterogenitéit vun eiser Konschtere welt ëmmer am Vierdergrond stinn an dorop Uecht gi gëtt.

Dofir ass et immens wichteg, dass et vun eise verschidde Sektoreuren och État-des-lieu gëtt, wou wëssenschaftlech a statistesch opgeschafft gëtt, wéi dann numol d'Bestandsopnam vun deene verschidde Sektoreuren ausgesäit an och, wéi eng Ënnerstëtzung si als Beräicher an Zukunft brauchen. Dës Erhiewunge sollen och a reegelméissegem Ofstänn widderholl ginn, fir d'Entwécklung vun der Lëtzebuerg Kulturwelt weider ze analyséieren. Et schéngt mer evident, dass d'Resultater vun den État-des-lieuen och mat de jeeweilege Kultursecteuren gedeelt an diskutéiert solle ginn, wéi et jo och schon am Kader vun den Assisen gemaach gëtt.

Ech kommen elo zu den Avisen zu dësem Projet de loi. A sengem Avis vum 1. Februar 2022 verweist de Staatsrot op e puer Remarken, déi d'Insécurité juridique betreffen, a befënn Nobesserungen ronderëm déi verschidde Formen vu finanziellen Aiden an hir Krittäre fir néideg. Nieft den Avisen vum Staatsrot krute mer en Avis vun der Chambre de Commerce an ee vun der Chambre des Métiers eran, déi hir Zoustëmmung zum Projet ginn hunn. Fir den Detail verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Dëst Gesetz gouf de 27. Juli 2021 deposéiert. Mir kruten et de 16. September 2021 an der Kommissioun presentéiert an hunn den 1. Dezember dës Joers dunn de Rapport vun dësem Gesetz gestëmmt.

Erlaabt mer zum Schluss, alle Bedeelegten am Comité de pilotage ronderëm Kultur | lx, der professioneller Ekip souwéi de Verriederinnen a Verrieder vun de Sektoreuren all Guddes ze wënschen a Merci ze soe fir hiren intensiven Asaz, deen zur Entsteeung vum Arts Council gefouert huet.

Ech ginn heimadder dann och den Accord vun der grénger Fraktioun a soen Iech alleguer Merci fir d'No-lauchteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och der Madamm Rapportrice.

An éischt Riednerin ass d'Madamm Octavie Modert fir d'CSV. Madamm Modert, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Villmools merci fir d'Wuert, Här President. A merci och der Rapportrice fir hire Rapport, dee gutt duergestallt huet, wat am Gesetz steet an och, wat déi nei Struktur maache soll. Villmools merci do derfir, well mir stëmmen haut mat der Grënnung vum Établissement public Kultur | lx e ganz wichteg Gesetz fir de Sektour.

Eis Kënschtler mussen sech an hir Karriär weiderentwéckelen kënnen. Dofir ass et weesentlech, datt se am Ausland opriede kënnen: fir sech ze professionaliséieren, fir sech artistesch weiderentwéckelen an och, well d'Optrëttsméiglechkeeten op eisen 2.500



Quadratkilometer natierlech begrenzt sinn. Do soll en Exportbüro hinne virunhëlfen. An dat gëtt et och schonn am Ausland.

An anere Secteuren hei am Land, anere Secteure wéi der Kultur, sinn an der viregter Legislatur esou Agen- cen entstanen wéi „Luxembourg for ...“ an esou weider, dat gëtt et a ville Secteuren. Elo kënn et änlech Struktur fir de ganze Kultursektor mat dem Établissement public Kultur | lx.

Virreider war hei sécherlech Music:lx, dee mir 2009 gegrënnt hunn an mat deem mer am Beräich Musek éischt Erfarungen a Resultater gesammelt hunn. Et kann een net vu Kultur | lx schwätzen, ouni op Music:lx ze verweisen. Et war e Meilesteen an der Promotioun an Diffusioun vun de Museker, Kënschtler a Museksgruppe vun hei, an alle Genren: Rock, Jazz, Hip-hop, Electro, Metal – yeah! –, Klassik an nei Musek.

Ech war iwwerzeegt, dass mir domat eis Museker ënnerstëtzen, vernetzen an hir Karriär virundreiwe kënten. An Zuelen ausgedréckt, war dat och ze gesinn: Vu 40 Optrëtter deemools am Ufank ass et an zwee Joer relativ séier op iwwer 400 méi gaangen, duerno iwwer 700 méi. An dat ass déi joren duerno och esou virugaangen. Ech war och iwwerzeegt, dass mir déi Fërderung op all aner Konschtdisziplinnen ausweide missten.

Ech wëll och ernimmen, dass Missions culturelles deemools an e puer Länner op d'Bee gestallt gi waren. An alles dat, mengen ech, ware wichteg Schrëtt an der Promotioun vun eise Kënschtler hei am Land am Ausland.

Mat Reading LX, made in ... huet déi nächst Regierung de Relais weiderginn. An zwielef Joer no der Grënnung vu Music:lx steet elo mat dem Établissement public Kultur | lx dann e wichtegen, ganz wichtige weideren, méi definitive Projet, deen och als ASBL de préfiguration schonn zanter zwee Joer am Opbau ass.

Dësen neien, jo, „ëffentleche Fërderveräi vun den Artisten an de Kulturschafenden“ zu Lëtzebuerg, géif ech et bal gär nennen, muss eng ganz wichteg Mission iwwerhuelen: d'Promotioun, d'Diffusioun, d'Distributioun, fir d'Artisten an der Entwécklung vun hire Karriären ze ënnerstëtzen, ze beroden, fir si weiderzevermëttelen, hinnen Optrëtter ze vereinfachen, well et ass net einfach, sech als Artist ze etabléieren.

Wann och net bei null ugefaange gëtt, esou ass d'Aufgab fir déi nei Struktur awer grouss. Si muss e Sprongbriet gi fir international Karriären. Si muss zur Professionaliséierung vun de Konscht- a Kulturschafende bäidroen. Si muss hinne Visibilitéit ginn. Si muss, esou steet et am Gesetzesprojet, d'Promotioun am Inland an am Ausland maachen.

Do wär meng Fro: Wat wäeren do, Madamm Minister, d'Pisten, fir dat hei am Inland weider ze meeschten? Et ass jo och e bësse méi eng nei Säit, déi da bei den Exportbüro derbäikënn.

Ech mengen, dass doriwwer eraus och nach viles méi muss ronderëm de Kultursektor entstanen. 2021 an der Chambersdebatt iwwer de Kulturentwécklungsprogramm, déi d'CSV ugefrot hat, hat ech e Vorschlag gemaach fir e kulturellen Hub, eng Cité des artistes: e Konscht- a Kënschtlerveierel, wou sech ronderëm d'Artisten alles usidelt, fir hiert Schaffen a Schafen ze encadréieren. Do sinn ënner anerem néideg: Bookere respektiv Agenten, Manager, Residenzen, Labelen, Éditeuren an esou weider.

Ech hätt dat jo gär an der viregter Nationalbibliothéik, dem Gebai vum Ale Kolléisch, gesi gehat. Et wär eng ideal Plaz dofir gewiescht an hätt Visibilitéit bruecht. Zoufällig huet haut den André Bauler d'Fro

gestallt, wat do drakënn – nodeem dat jo schonn zum Deel gewosst war, an ech weess och, dass et net dohinnerkënn. Ech hoffen elo drop, dass dee kulturellen Epizentrum dann, weinstens deelweis, an der Villa Louvigny entsteet, wou Kultur | lx dann anzéie soll. Well no den Erfolger muss et weider mat den Ustrengunge goen a méi wäit och goen. Et mussen nei Mäert erschloss ginn, iwwer haaptsächlech déi dräi Nopere eraus, also och do, wou et eebe schwie- reg ass fir d'Artisten, eranzekommen.

Well, léif Kolleeginnen a Kolleegen, no den zwee schwiege Jore vum Covid huet de Kultursektor sech nach ëmmer net ganz erholl. Dofir ass et ëmsou méi kruzial, fir him elo zur Säit ze stoen. Et muss een d'Kultur an der Post-Covid-Zäit nees gesinn a spieren! Kultur | lx kënn deemno zu enger wichteger Zäit, mat ëmsou méi Aarbecht viru sech.

De Kultursektor ze ënnerstëtzen, ze fërderen an ze professionaliséieren, läit der CSV um Häerz. Mir stëmmen dëst Gesetz mat a wënschen dem neien Établissement public vill Gléck bei senger Ënnerstëtzungsaarbecht am Interêt vun der Kultur. Dofir wënschen ech der Ekip ronderëm d'Valérie Quilez an d'Diane Tobes vill Chance a vill Resultater, dass si hei weiderbaue kënnen un den Erfolger vu bis elo.

Erlaab mir e perséinleche Merci un den erfarene Patrice Hourbette an den Giovanni Trono an all aner, déi den Ufank gemaach hunn a gemeeschtert haten. Eist Land ass deemools baussent eise Grenze méi bekannt ginn a méi seriö geholl ginn, eis Artisten och. Ech wënschen eisen Artisten a Kulturschafenden, dass se ëmmer méi fir hir a vun hirer Konscht liewe kënnen, ouni mussen en aneren Job derbäizemaachen, wa se dat net wëllen. Well mir hunn eng groussaar- teg Kulturzeen mat vill Potenzial hei zu Lëtzebuerg!

Merci.

**Une voix | Très bien!**

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An nächste Riedner ass den Här André Bauler fir d'DP. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**M. André Bauler** (DP) | Merci, Här President. Dat ware ganz schéi Wieder vun der Madamm Modert ganz zum Schluss. Ech kann déi nëmmen deelen.

Konscht war schonn ëmmer en Deel vun der Mënscheetsgeschicht an huet eng grouss Bedeitung fir eis Gesellschaft. Dofir kann een hei d'Wichtegkeet vun enger organisatorescher a finanzieller Ënnerstëtzung vun der Konscht, de Kënschtler an hirer Welt net genuch ervirsträichen.

Konscht generéiert net ëmmer e Benefiss am klasse- schen, also am monetäre Sënn. De Benefiss vun der Konscht läit och dacks an deem, wat d'Konscht eis gëtt, wat se an engem selwer ausléist, dem Moment, dee si engem schenkt, an der Méiglechkeet, fir een Ament d'Welt mat aneren Aen, op eng aner Manéier ze betruechten. A fir genau dësen Aspekt ze fër- deren an d'Konscht/d'Kënschtler an hir Bedeitung fir d'Gesellschaft ze valoriséieren, ass et enorm wichteg, dass mir si ënnerstëtzen, hei zu Lëtzebuerg an och am Ausland. Well och a grad am Ausland soll d'Kënn vun eise Kënschtler ervirgehewe ginn. Nach deslescht hu mir eis an der Kathedral – d'Madamm Tanson, d'Madamm Polfer a meng Weinegkeet – kënnen iwwerzeegen, wat fir ee brillanten Artist den Organist vun Notre-Dame vu Paräis ass, dee Frankräich am Ausland all Eier mécht. Dat gëllt och ëmgedréit fir eis Lëtzeburger Kënschtler dobaussen an der Welt.

Deementspriedend freeë mer eis och iwwert dëse Projet, iwwert de Kultur | lx, e Conseil des arts, deen op de Kulturentwécklungsplang zrëckgeet an deen et soll erlaben, déi néideg Instrumenter zur Verfügung

ze stellen, fir eng besser Organisatioun vun der kultureller Aktivitéit ze fërderen, dëst duerch pluri- annuel Strategien, duerch méi Previsibilitéit, duerch eng Intensivierung vun der Promotioun, och mat der Hëllef vum Ausseministère, an eeben allgemeng duerch eng Professionalisatioun.

Ech hat et grad ernimmt: Och eng Kooperatioun mam Ausseministère ka fir dëse Projet immens nützlich sinn, fir eeben eng Promotioun an eng Diffusioun vun der kultureller Zeen vu Lëtzebuerg am Ausland ze garan- téieren.

Lëtzebuerg huet kënschtleresch vill ze bidden. An als Demokratesch Partei si mir zefridden, wann eis Kënschtler déi Opmierksamkeet an deen Zousproch kréien, dee se verdéngt hunn. Mir hoffen dann och, dass deen neien Établissement public seng Aarbecht séier ophuele kann an dass e mat vill Ausdauer, Expe- rienz, Gefill, Objektivitéit an och Transparenz un déi verschidden Dossier a Projekte geet, onkomplizéiert an novollzéierbar. Dat ass e Wunsch, dee mer haut extra um Häerz läit.

Lëtzebuerg huet net just bekannt Schauspiller, Lëtze- buerg huet och talentéiert Museker, Moler, Schrëft- steller, Architekten, Fotografen, Sculpteuren an aner Artisten. Dat „klengt“ Lëtzebuerg bréngt am Verglach zu senger Bevëlkerung vill talentéiert Artisten ervir, an dat schonn zanter Joerzéngten.

Mir begrëssen dann och, dass eenzel „comités de sé- lection“ fir déi verschidden Domänen sollen entstanen. Wichteg ass eis allerdéngs, dass de Kënschtler net ze vill administrativ Hürden an de Wee geluecht kritt an dass och d'Krittären, no deene Projekte mat Subsidien, Hëllef de tout genre ënnerstëtzt ginn, verständlech a public sinn. D'Leit sollen d'Prozedure verstoen an den Entscheidungsprozess soll eng Form unhuelen, wou jiddereen novollzéie kann, wou e Projet hei gutt ass an e bei deem gehollef kritt, während e bei engem aneren eventuell net ka gehollef kréien.

Den Arts Council ass eng grouss Chance fir d'Lëtze- buerger Konschtwelt, well en et eeben erméiglecht, eng global Iwwersiicht iwwert déi vill Projeten, déi hei am Land bestinn, ze behalen an dës fair an ade- quat ze ënnerstëtzen. Duerch eng koordinéiert Ze- summearbecht mat deene sëllegen Institutioenen, mam Ausseministère an och mat den Acteuren am Ausland kënnen mer d'Lëtzeburger Konscht- a Kultur- welt nach besser no bause vertrieeden, Opmierksam- keet schafen – Visibilitéit, wéi d'Madamm Modert sot – a Synergie fërderen. Dovunner profitéieren na- tierlech an enger éischer Linn eis Kënschtler, well si eebe grad eist Land als Ambassadeure vun der Lëtze- buerger Konscht a Kultur am Ausland vertrieeden.

Als DP kënnen mer dësem Projet dann och nëmmen zoustëmmen. Mir gesinn et als Opportunitéit fir de Sektur an och fir d'ganz Land, an deemno si mer ganz zefridden haut, fir d'Zoustëmmung zu dësem Projet, zu dësem Établissement public, kënnen als Fraktioun ze ginn.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet a vergies- sen awer net, der Madamm Bernard an hirem Atta- ché ze felicitéieren fir hir Rapporten. Merci.

**Une voix | Très bien!**

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An nächst Riednerin ass d'Madamm Simone Asselborn-Bintz fir d'LSAP.

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Kultur ass e wichtige Bestanddeel vun enger demokratescher a pluralistescher Gesellschaft. Si dréit weesentlech zur Meenungsfräiheet an doriwwer eraus och zum intellektuelle Räichtum vun engem Land bäi.



Et muss een awer och kënnen soen, dass d'Kultur – entgéint deem, wat déi meescht Leit vläicht op den éischte Bléck kéinten unhuelen – eng substanzuell ekonomesch Valeur kann hunn. Kultur ass e wichtegt Standbeem vun enger moderner Economie, déi op Déngschtleeschungen, Innovatioun a Savoir-faire als Ressourcë setzt. Ausserdeem droen de Kultursecteur an d'Kreativindustrie och zu Diversifikatioun vun eiser Economie bäi.

Wann een d'Donnéen vun Eurostat, vum Statec a vum Observatoire européen de l'audiovisuel matenee verbënnt, da kennt een zur Konkusioun, dass mer zu Lëtzebuerg eng 2.300 Entrepreneuren hunn, déi am Kultursecteur an am kreativen Sektour täteg sinn. Dës Entreprises generéieren e Chiffre d'affaires vu ronn 1 Milliard Euro a beschäftege bal 7.000 Leit. D'EU-Kommissioun huet och schonn 2010 an hirem Livre vert festgestallt, dass mir an der Europäescher Unioun d'Potenzial vum kulturelle Sektour net genuch notzen.

All dës Iwwerleeungen féieren eis virun Aen, dass et wichteg ass, eis Kënschtler am In- an Ausland beschméiglech ze ënnerstëtzen. Mir hu fir aner Secteuren vun der Economie jo och scho méi laang Entwécklungsagencen – Luxembourg for Finance oder for Tourism – an dofir läit et eigentlech op der Hand, dass mer dës och fir de Kultursecteur maache sollen.

Eis Kënschtler, wa si am Ausland mat hire Prestatiounen erausstechen, si wichteg Ambassadrinnen an Ambassadeuren vu Lëtzebuerg. Si weisen, dass och kleng Länner kulturell eppes ze bidden hunn. Si widderstrieden och mat hirem Konscht oft dem Klischee iwwer Lëtzebuerg, dat nach ëmmer heiansdo als kleng Fleck mat enger Strooss gesi gëtt, wou zu béide Säite Banke stinn.

Mir hunn zu Lëtzebuerg och ouni Zweifel eng lieweg Kulturzeen, déi héichwäerteg Produktiounen mécht a groussaarteg Kënschtler ervirbréngt. Eis Kulturzeen ass multidisziplinär an duerfir ass et och wichteg, dass d'Hëllef, déi eng Entwécklungsagence fir d'Kultur gëtt, eng grouss Bandbreit u kulturelle Projete ënnerstëtzen.

Mam neien Établissement public Kultur | lx – Arts Council Luxembourg stärke mir d'Promotioun vun eise Kënschtler a kulturellen Acteuren, droen zur Diffusioun am In- an Ausland vun hirem Aarbecht bäi a suergen esou derfir, dass sech hir Karriären och weiterentwéckelen kënnen. D'Plus-value vun deem neien Établissement public besteet notament doran, dass mer eng Struktur hu fir déi verschidde kulturell Sparten, déi mer och hei zu Lëtzebuerg hunn. Eng kloer strukturéiert Gouvernance an der Ënnerstëtzung vun eiser Konschtzeen ass kruzial, fir dass de Kënschtler och den Iwwerbléck behale kann a sech och erfänne kann.

Kultur | lx huet jo och a sengen Missiounen explizit d'Kooperatioun mat eisem Lëtzebuerger diplomateschen Reseau stoen. Net manner wéi siwe lëtzebuerger Ambassaden hunn eng Mission kulturell an et ass och hinnen zum Deel ze verdanken, wa mer Lëtzebuerger Kënschtler hunn, déi sech och kënnen op internationalem Niveau entfalten. Et hëllef jonke Kënschtler och, Kontakt ze knäppen a sech eventuell doduerch un neie Projete kënnen ze bedeelegen.

Wat awer gradeso wichteg ass, vläicht nach méi wichteg souguer, ass, dass een de Kënschtler erlaabt, un internationalen Tournéeën deelzehuelen, eng Präsenz op Foiren, internationalen Ausstellungen oder Festivallen ze hunn, wou si sech dann och kënnen un aneren auslännesche Kënschtler moossen, fir dass se sech och verbessere kënnen. Nëmme am Kontakt mat aneren internationale Kënschtler kënnen si sech e Reseau opbauen, dee wichteg fir hir Karriär an hir Konscht ass.

De Gesetzesprojet definéiert sechs verschidde Krittären, déi bei der Attributioun a bei der Hëllef an d'Spill kommen. Nieft der artistescher Qualitéit vum Projet kommen ënner anerem och d'Contributioun vum Projet fir d'Karriär vum Kënschtler an och d'Qualitéit vum sengem Encadrement zum Droen. Et gëtt deemno och de Fokus op de Kënschtler selwer geluecht an dat ass aus menger Siicht immens wichteg, well mir wëlle jo an enger laangfristeger Perspektiv manner Konscht importéieren an dofir och nach méi Konscht aus Lëtzebuerg genéisse kënnen.

An deem Sënn ass dës Gesetzesprojet e grouss Schrëtt no vir an ech ginn dofir och ganz gären den Accord am Numm vun der LSAP-Fraktioun, net ouni awer der Rapportrice Djuna Bernard e grouss Merci ze soe fir hir Rapporten.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | A merci och. Den nächste Riedner ass den Här Fred Keup fir d'ADR.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Léif Kollegen, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll emol fir d'éischt eppes soen, dat ass, dass ech et ganz, ganz flott fannen, dass mer hei en Numm gewielt hunn, deen op Lëtzebuerger ass – Kultur | lx – an net op eng aner Sprooch. Dat fannen ech ganz wichteg. Dat sollt mer méi oft maachen. Dat ass flott!

(Interruption)

Interessant ass awer, wa mer den Numm kucken, dat ass da Kultur | lx, an da steet hannendrun „Arts Council“. Do ass am Fong d'Fro – mee dat ass och eng Fro, wou et scho bicherweis Saachen driwwer gëtt: Wat ass den Ënnerschied zwëschen Kultur a Konscht? Well wa mer op där enger Säit soe „Kultur | lx“ an op där anerer Säit da soen „Arts Council“, dann hu mer eng Keier Kultur an eng Keier Konscht. An ech mengen, dass et hei awer elo bei deem Projet éischer ëm d'Konscht a sech geet an net onbedéngt ëm d'Kultur am groussen Ganzen. Well dat betrëfft jo nach vill, vill méi wéi nëmme Konscht – d'Kultur, ne? Jo? Kultur ass, wat weess ech: d'Sprooch, d'Aart, wéi mer liwen, d'Aart, wéi mer iessen, Kleescherdsdag, alles dat ass Kultur, awer net onbedéngt Konscht. Voilà!

Wa mer dat Ganz ukucken, et ass ganz vill Wichteg elo hei gesot gi vu menge Virriedner, vun der Madamm Modert ganz besonnesch, déi sech do ganz gutt auskennt, wat mengen ech, och normal ass als Exministesch a wou mer ëmmer kënnen an der Kommissioun drop zielen, dass ganz akribesch gekuckt gëtt, ob och alles profitéieren, wéi et soll sinn. Ech wollt awer hei dovu richteg fir, et och e puer Problemer vläicht opzezielen, déi mer an de leschte Woche matgedeelt krute vu Leit, déi um Terrain sinn, vu Leit aus der Konschtzeen. Dat sinn eng Partie Defiziter. Dat ass elo net komplett, dat soll och elo keen Ugrëff hei sinn, dat ass einfach en Denkestouss, deen dat Ganz soll sinn.

Zum Beispill soe si, de Kulturministère wéisst net, wat um Terrain richtig leeft, a misst méi Effortee maachen, zum Beispill fir richtig Talenter ze spotten an ze féerden. Dann: De Beruff vum Kënschtler huet sech grondleeënd geännert, hie verbréngt haut méi Zäit virum Computer wéi am Atelier, d'Vernetzung ass haut primordial an eclipséiert oft d'Qualitéit vun der kënschtlerescher Aarbecht. De Kulturministère schafft bestëmmt dodrun, mee dat ass e Problem, deen allgemeng haut bekannt ass.

Dann: D'Konschtmuséeën an Ausstellungen sinn ëmmer nach haaptsächlech eppes fir e Lëtzebuerger „Bildungsbürgertum“ an et bréngt een et nach ëmmer net fäerdeg – dat ass och oft ugeschwat

ginn, schonn an der Vergaangenheet –, wierklech de groussen Deel vun der Bevëlkerung iergendwéi matanzebréngen. D'Konscht zu Lëtzebuerg huet eppes Elitäres u sech.

An d'Galerien hunn et schwéier haut ze iwwerliwen, och soss Artisten, an dat läit natierlech un den héije Loverskäschten. Dat ass e Problem, dee warscheinlech net esou liicht ka geléist ginn.

D'Hëllef vum Ministère erreeche bis elo – bis elo, dat ännert sech jo lo vläicht – haaptsächlech d'Strukturen, éischer net d'Kënschtler, déi zum Deel awer och ofhängeg si vun dësen Strukturen.

Dann de Punkt vun de Biennallen, zum Beispill zu Venedeg. Do soe vill Kënschtler, dass dat eigentlech net vill bréngt, well géint déi international Konkurrenz si se machtlos a vum Verdéngscht hier hu se guer näischt dervun. Si bereede sech zwee, dräi Joer op esou eng Biennale vir, mee de finanzielle Gain entsprécht maximal zwou bis dräi Paien.

Verschidde Konschtstrukturen hale sech un dat, wat beim Ministère „gutt ukënn“ a vernoléisegen dowéinst oft de kënschtlereschen Niveau oder eppes méi Kreatives.

D'Kommunikatioun tëscht de Konschthinstitutionen misst daitlech verbessert ginn. Eventuell geschitt dat och elo mat deem neie Gesetz. Oft liwen d'Muséeën an d'Galerien niefteneen amplaz mateneen. Ausstellungen a verschidde Muséeën ginn oft dee selwechten Dag op. Et misst eng Aart Kalenner do sinn, eng Koordinatioun, wou ee matenee schwätzt a sech ofstëmmt.

An dann ass natierlech och eppes, wat oft gesot gëtt, dass Lëtzebuerg dach awer a puncto Konscht op der Europakaart nach ëmmer relativ kleng ass. Do gëtt et nach ëmmer ganz vill ze maachen. Dat ass dat, wat vun den Acteuren selwer gesot gëtt, ech widerhuelen dat just hei. Den Nationbranding funktionéiert net, wat d'Konscht ugeet, kréie mer gesot, a Lëtzebuerg gëtt am Ausland nach net richtig als wierklech Konschtland ugesinn.

Voilà! Dat do alles gesot, mengen ech, hoffe mir, dass dat heiten d'Situatioun verbessert. Mir ginn och da vun der ADR den Accord fir dës Projet a mir wënschen allegueren deene Leit vu Kultur | lx an den Artisten eng glécklech Hand an alles Guddes fir d'Zukunft. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Nathalie Oberweis fir déi Lénk. Madamm Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Fir d'éischt emol e grouss Merci un d'Rapportrice vun deem Projet. Jo, fir eis ass d'Aféierung vun deem Projet, Arts Council oder Kultur | lx, déi jo och eng Recommandatioun vum Kulturentwicklungsplan ass, och absolutt ze begrëssen.

Mir ënnerstëtzen dat natierlech och honnertprozenteg mat, well d'Zil ass jo duebel: D'Zil ass op där enger Säit jo, all déi sëllege Boursen, Initiativen a Subventionen ze strukturéieren, an op där anerer Säit, d'Promotioun vun der lëtzebuerger Kreatioun am Ausland ze promovéieren. A ganz kloer ënnerstëtze mir dat honnertprozenteg, virun allem, well dat jo och d'Aarbecht vu ville Kënschtler a Kënschtlerinnen vereinfacht a si awer och gläichzäitig ënnerstëtzt. A virun allem, wéi d'Madamm Modert et och scho gesot huet, gëtt et esou Agencen an anere Beräicher, wéi an dem Finanzberäich, an dann ass et den absolute Minimum, dass et dat hei och gëtt.

Des Weidere begrësse mer natierlech, dass mat dësem Projet Kultur | lx aus der ASBL och elo en Établissement public gëtt. Dat schaaft an eisen Aen net just méi Kloeerheet, mee och méi Transparenz, well als Établissement public ënnerläit Kultur | lx jo der Kontroll vun der Cour des comptes an doduerjer dann och der Chamber. A mat engem CA vun eelef Membere kritt Kultur | lx da viraussichtlech och e relativ staarke CA, fir dass dann och net esou eppes wéi beim Filmfong ka passéieren. Also dofir ass et och scho relativ wichtig, dass de CA och relativ staark ass.

Den Établissement public ass virun allem och Ausdrock vum Wëllen, fir dann och dës wichtige Struktur op nohaltege Féiss ze stellen, mat enger klorer Organisation an engem entspreche Budget. Dofir begrësse mir dës Kreatioun honnertprozenteg.

An nach eng Kéier merci der Rapportrice a merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix | Très bien!**

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. Den nächste Riedner ass den Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Bekanntlech ass et net meng Kommissioun an ech wollt net einfach hors sujet iergendepes verzielen. Deementspreechend huet de Sven mer gesot, dass et e gudden Projet ass, a mir kënnen den Accord ginn. An och merci dem Djuna Bernard fir de gudden Schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Merci.

*(Interruptions)*

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Majo, merci och dem Sven!

*(Hilarité)*

Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm.

An d'Wuert huet d'Madamm Kulturministesch Sam Tanson.

### **Prise de position du Gouvernement**

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Culture | Jo, merci, Här President, a mat Betounung op „Kultur“-ministesch an net „Konscht“-ministesch! Léif allegueren, merci villmools fir Är Contributiounen an natierlech e ganz grouse Merci der Rapportrice, dem Djuna Bernard, fir nach eng Kéier hei d'Saach op de Punkt bruecht ze hunn.

Erlaabt mer awer nach e puer Consideratiounen iwwert d'Wichtigkeet vun dësem neien Établissement public. D'ailleurs ass et deen éischten Établissement public zënter 2004, deen an der Kultur geschafe gëtt. Dee leschte war d'Rockhal. Et gëtt jo scho méi laang an der Kulturzeen, dat ass jo schonn ugeklungen, esou eng Institutioun gefrot.

Ech sinn och frou, dass d'Leit erëm esou lues zréck an de Sall kommen a sech erëm fir Kultur interesséieren. Dat ass schéin ze gesinn!

**Une voix |** Ech war déi ganzen Zäit hei!

*(Interruption et brouhaha)*

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Culture | D'Haaptmissioun vu Kultur | lx ass et jo, d'Lëtzebuerger Konscht ze ënnerstëtzen, virun allem natierlech an der Perspektiv no baussen, mee och zum Deel heiheem. An duerfir war et eigentlech och de Wonsch, fir op deen Établissement public ze kommen. Dee Wonsch war scho méi laang an der Kulturzeen present. En huet sech nach eng Kéier konkretiséiert duerch d'Kulturassisen, déi gefouert gi waren ënnert mengem Virgänger, dem

Guy Arendt, mat dem Kulturentwécklungsplang, deen och doraus entstanden ass. An et ass jo esou, dass de Kulturentwécklungsplang an de Recommendatiounen 8 a 60 d'Kreatioun vun dësem Kultur | lx och preconiséiert.

Wéi si mer virgaangen? Mir hu wierklech probéiert ..., well et ware jo eng Rei Inquietuden am Secteur, déi awer, mengen ech, mëttlerweile verschwonne sinn, wou d'Angscht eebe war, dass elo alles géif iwwer ee Kamp geschuer ginn. An dat wollt mer natierlech evitéieren, duerfir hu mer e Comité de pilotage agesat, wou mer wierklech mat den Acteuren um Terrain zesummeschafft hunn an och natierlech mat Vertrieeder aus net nëmmen eise Ministerie, mee och notament dem Ausseministère an dem Wirtschaftsministère an och dem Finanzministère, wou et drëms gaangen ass, fir d'éischt emol ze identifizéieren, wéi eng Zorte vu Projekte mer am Moment op internationalem Plang hunn an dann natierlech awer och ze kucken: Wéi kann ee verschidde Projekten nach weiterentwéckelen? Wat sinn déi eenzel Demarchen, déi mer am Moment hunn? A wéi kann een dat alles nach besser koordinéieren an eeben och e Katalog vun deenen eenzelnen Ënnerstëtzen a Fördermoossnamen ausschaffen?

An deene leschte Joren ass jo dunn eng ASBL de préfiguration geschafe ginn, do ass zwee Joer intensiv vun den Ekippen dru geschafft ginn. Merci villmools och all de Vertrieeder a Vertrieederinnen aus dem Verwaltungsrot an natierlech den zwou Direkteschen, déi dat Ganz och mat ganz vill Engagement säit dem Ufank leeden.

Et sinn do awer och weider Perspektiven nach ze entwéckelen. Vun Ufank u wollt mer eis net op eng Spart aus dem Kulturberäich limitéieren, mee kucken, dass mer wierklech eng multidisziplinär Approche hunn, soudass och d'Méiglechkeet do ass, fir eeben déi eenzel Secteuren – Literatur, Editioun, Musek, Arts visuels, Architektur, Design, Arts de la scène an Arts multimédias – duerch dës Institutioun ze ënnerstëtzen.

A wat ganz, ganz wichtig ass, dat ass, dass bei den Decisiounen oft op Comités de sélection och zréckgegraff gëtt, fir eebe grad ze evitéieren, dass gemengt gëtt, et wieren elo eenzel Persounen, déi géifen Decisiounen huelen, et misst een deem engen oder deem anere mat Projekte gefalen. Mee wichtig ass, dass eeben ëmmer erëm Intervenante vu bausse komme fir ze kucken, wéi eng Projekten dann elo selektionéiert ginn. An dann ass et och wichtig ze ënnersträichen, dass déi Ënnerstëtzen vu Kultur | lx un d'Artiste ginn, déi ginn net un d'Institutiounen ..., oder gréisstendeels wierklech un d'Artisten.

Nieft de Reprise konnt Kultur | lx zënter senger Grënnung, an dat wierklech a ganz kuerzer Zäit – an do gesäit een och erëm d'Effikassitéit vun der Aarbecht vun all deene Leit, déi matschaffen –, nei Dispositifs vun Aiden ubidden, zousätzlech Partneriaten an och nei Aktiounen, souwuel um internationalen Terrain wéi och zu Lëtzebuerg, ausschaffen.

Ech nennen e puer Beispiller: d'Förderung vun de Karriärentwécklungen, wat jo dann och – Madamm Modert, Dir hat d'Fro gestallt – net just déi reng international Kompetenzen ubelaangt, mee eeben och national ze kucken ass, d'Publikatiounen iwwert d'Wierk vun engem Kënschtler, eppes wat extreem wichtig ass. Et gëtt ganz vill Ënnerstëtzung fir Wierker oder fir Ausstellungen, mee et ass och wichtig, dass een herno dat kann dokumentéieren, et och weider ka weisen, eebe potenziell interesséierten Institutiounen ka weise fir ze weisen, wat ee scho gemaach huet. An dann natierlech dat, wat e bëssen an der Vittrinn

steet: déi international kulturell Evenementer, d'Organisation vu Showcasen a Fokusmomenter och hei zu Lëtzebuerg.

D'Lëtzebuerger Kënschtler a Kreatiounen sinn international gutt vertrueden. Och dat ass ugeklungen. Schon am Laf vun deene leschte Joren huet dat sech wierklech ganz gutt entwéckelt, mat der Frankfurter Buchmesse, dem Festival d'Avignon, der Biennale vu Venedeg, dem Eurosonic Festival an Holland, fir nëmmen e puer vun deene Beispiller ze nennen.

Elo ass virdru gesot ginn: „Déi Biennallen, déi bréngen de Kënschtler näischt.“ Ech sinn do e bëssen iwwerrascht driwwer. Jo, et ass wierklech e ganz héijen Investissement, mee et kritt een eng extreem gutt Visibilitéit, zemoals wann, a wéi dat an deene leschte Joren dacks de Fall war, eis Artisten erkannt ginn, hiert Potenzial erkannt gëtt, wann och an der internationaler Press dat ervirgehuewe gëtt, wouduerch och deen een oder aner awer schonn a senger Karriär wierklech weiderkomm ass a Lëtzebuerg och schonn deen een oder anere Präis krut – net Lëtzebuerg, mee den Artist, an indirekt doduerch och Lëtzebuerg –, soudass dat awer genau dowéinst jo ass, firwat mer et maachen.

Wann een natierlech op där anerer Säit da seet, mir wieren nach ëmmer ze kleng op der internationaler Kaart, dann ass dat a mengen Aen e Widdersproch, well et geet jo drëm, dass et nëmmen iwwer esou Presenzen op internationalen Evenen an d'Förderung och op internationalem Niveau vu verschidde Kënschtler ass, wéi mer natierlech och do weiderkommen.

**Une voix | Très bien!**

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Culture | Mir haten och iwwer Kultur | lx ... Wat eng ganz wichtige Aarbecht ass, dat ass, dass och international Experten op Lëtzebuerg kommen, dass se sech ausenanner setzen mat de Lëtzebuerger Kënschtler an déi och esou kenne léieren. Déi Netzwierker, déi dauerhaft Bezéiunge mat de Fachleut aus der ganzer Welt, dat ass extreem, extreem wichteg! An esou waren an deene leschten zwéi Joer scho méi wéi 130 international Experten zu Lëtzebuerg op Invitatioun vu Kultur | lx, fir un deene sektorielle Fokussen deelzehuelen an eeben esou den Knowhow hei vu Lëtzebuerg ze entdecken an en och mat bei sech ze huelen an och do ze weisen.

Dann, et ass ugeklungen, wat stellt dee Council duer, dee Rot? Et geet och eeben ëm d'Karriärsbegleitung, eng ganz wichtige Aarbecht vun deem neien Établissement public, d'Begleitung vu Kënschtler, vun Associatiounen, vu Federatiounen an Institutiounen an d'Entwécklung vun der Karriär vun de Kënschtler. D'Kënschtler stinn un alleréischter Plaz! An et geet awer och drëm, de Mikrokosmos ronderëm si hei ze stäerken. An dat maache mer jo och bei aneren Texten, notament engem aneren, deen och haut nach um Ordre du jour ass. Dat heescht, dass och Manager, Kultur, Press, Reseauen an esou weider hei matagebonne ginn an och mat ënnerstëtzt ginn.

VLäicht nach ee Wuert zum Lieu. Jo, d'BnL, also déi al Nationalbibliothék, wier sécherlech e ganz flotte Lieu gewiescht. Mir sinn awer dunn zur Konklusioun komm, dass mer och nach aner Besoinen hätte ganz no, déi mer och missten erfüllen. An dee Projet, dee mer amgaange sinn auszeschaffen, de François Bausch huet et virdun an der Froestonn scho gesot, dee gëtt ganz flott an och ganz attraktiv.

A mir hunn och en anere Lieu, dee Symbolcharakter huet. Dat ass d'Villa Louvigny, wou mer och ganz intensiv amgaange sinn um Projet ze schaffen, wou Kultur | lx eng Plaz kritt. Dat gëtt en offene Lieu, dat gëtt net e Bürogebai. Do komme Proufsäll eran, do komme Méiglechkeete fir d'Federatiounen, fir ënnerdaach ze kommen, do komme Méiglechkeeten, fir



Concerten an deem histoersch wichtege Sall ze spillen, soudass mer do wierklech och nach e ganz, ganz flott Gebai mat enger ganz lieweger Dynamik ronderëm wäerte kreéieren.

Voilà, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. Bis geschwënn.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Ma merci och der Madamm Ministesch.

Mir géifen dann zum Vott iwwert de Projet 7866 iwwergoen. Ech ginn dervun aus, dass jiddweree vun Iech agelogg ass.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7866 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

**Une voix** | Här President.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo?

(Interruption)

Dat ass kee Problem, da maache mir dat.

An de Vott ass elo ofgeschloss ...? A, voilà, elo kann ech de Vott ofschléissen: De Vott ass ofgeschloss.

Mir hunn 59 Participatiounen, 59-mol Jo. An ech ginn dann dervun aus, dass déi 60. Deputéiert och fonnt ginn ass an dass mer da bei 60 landen – also Eestëmmegkeet fir dëse Projet.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7866 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Max Hengel), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Jean-Marie Halsdorf), Paul Galles (par M. Jean-Paul Schaaf), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen (par M. Gilles Roth), MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par Mme Diane Adehm), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marc Lies), Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert) et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Frank Colabianchi), Claude Lamberty et Mme Lydia Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

**12. 7920 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 19 décembre 2014 relative 1) aux mesures sociales au**

## **bénéfice des artistes professionnels indépendants et des intermittents du spectacle 2) à la promotion de la création artistique**

Mir géifen dann zum nächste Punkt iwwergoen, dat ass de Projet de loi 7920, deen zur Verbesserung vun den Aarbechtsbedingunge vun de Kënschtler bäidroen soll. An d'Rapportrice ass d'Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

### **Rapport de la Commission de la Culture**

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. D'Konscht- a Kulturschafend an eise Land sinn déi Mënschen, déi derfir suergen, dass eis Muséë, Theateren, Bühnen a Kulturhaiser mat Liewe gefëllt sinn. Hir Wierker an hiert Schafe bréngen eis zur Reflexioun, zur Diskussioun, zum Laachen oder zum Kräischen. Si thematiséieren Tabuen, kritiséieren Mëssstänn, forme Schéinheet an Ästhetik an droen derzou bäi, dass eis Gesellschaft méi faarweg, méi lieweg, méi räich ass.

Vill vun eis consomméiere Konscht op déi eng oder aner Aart a Weis, mee déi, déi Konscht produzéieren an erméiglechen, schafen a schaffen an engem ganz spezifische Kontext. Si hunn aner Aarbechtskonditiounen a Besoine wéi e klassesche Salarié oder Indépendant.

2018 gouf eng Reflexioun a Reform iwwert dat bestoend Gesetz vun 2014, dat de Statut an d'finanziell Aidë vun den Intermittenten an Artiste reegelt, an de Koalitiounsaccord geschriwwen.

(M. Marc Spautz prend la présidence.)

Dëse Wonsch ass och am Kulturentwécklungsplang a senger Recommandatioun Nummer 23 ze fannen.

2019 gouf eng Consultation publique mam Kultursecteur gestart mam Zil, d'Realitéten an d'Besoine vun den Acteuren um Terrain besser erfassen ze kënnen. Dës Observatiounen an Temoignagë goufen am Kader vun de Kulturassisen am Oktober 2020 och opgeschafft an diskutéiert.

D'Covid-19-Pandemie huet natierlech, wéi a villen aneren Domänen och, wéi eng Lupp d'Situatioun vun de Konscht- a Kulturschafende verschäerft an däitlech gemaach, wéi wichteg de Kultursecteur an eiser Gesellschaft ass a wéi grouss de Besoin vu staatléchen Aidë fir de Sektuer ass.

An deem Joer duerno goufe méiglech Verbesserungen am Gesetz doropshin och mat der ULASC, der Union luxembourgeoise des associations du secteur culturel, diskutéiert. Insgesamt ass dëse Projet de loi d'Resultat vun engem breeden Dialog an e weidere Schrëtt an der Professionaliséierung vun eise Kultursecteur.

Wat genee ännert sech elo mat dësem Gesetz? Ma mir schwätzen haut mam Vott vun dësem Gesetz vu „mesures de soutien“ an net méi vu „mesures sociales“ fir Artisten an Intermittenten. D'Referenzperiod fir nei eligibel Artisten ass vun dräi op zwee Joer erofgesat ginn. An d'Artisten an d'Konschtschafend mat engem Universitëtssofloss mussen elo just nach eng Referenzperiod vun engem Joer virweisen a sinn och vun der Revenuskonditioun dispenséiert.

D'Affiliatioun un d'Sécurité sociale während mindestens sechs Méint bleift, et wäert awer mat dësem Gesetz eng Bourse de relève en place gesat ginn, fir de Start an d'artistesch Schafen no engem Studium ze vereinfachen.

De Montant vun den Aidë pro Mount gouf eropgesat, soudass en un de qualifizéierte Mindestloun ugepasst gëtt, mat engem järeliche Plaffongsbetrag vu 6-mol

dem Mindestloun respektiv 6,5-mol dem Mindestloun fir Artisten an Artistinnen iwwer 55 Joer.

Ausserdeem gouf d'Period, fir déi d'Aiden ugefrot kënnen ginn, vu 24 Méint op 36 Méint eropgesat a bei Artisten, déi scho vun den Hëllef beneficiéieren an iwwer 50 Joer al sinn, gouf d'Period souguer vu 24 Méint op 60 Méint erhéicht, och dëst, fir laang etabliert artistesch Karriären ze valoriséieren.

Aus Intermittentsperspektiv sinn d'Modifikatiounen virun allem, dass verschidde Karriären, wéi beispillsweis déi vum Booker, an Zukunft en compte geholl ginn. Och de Carnet de travail gouf vereinfacht a gouf beispillsweis esou ugepasst, dass och Formatiounsdeeg oder Ateliers pédagogiques kënnen gezielt ginn. An dëse wäert och an Zukunft digital zur Verfügung stoen.

Intermittenten, déi iwwer 50 Joer al sinn, mussen an Zukunft eng Mindestaktivitéitsdauer vu 60 amplatzen vun 80 Deeg hunn. An och goufen d'Incompatibilitéite fir d'Intermittenten nei iwwerschaaft, fir eng besser Applikatioun vum Gesetz sécherzestellen a fir méi Kloeerheet ze hunn, wéi eng Konditiounen d'Intermittenten erfëlle mussen.

De Staatsrot huet eng Rei Insécurité-juridiquë festgestallt a sech notament un de Begrëffer vum „engagement notoire“ a vum „événement imprévisible“ gestouss. Och ronderëm d'Fro vun der Égalité de traitement bezüglech den ënnerschiddleche Konditiounen fir Artisten iwwer 50 respektiv 55 Joer hat de Staatsrot seng Reserven, déi mer awer an der Kommissioun konnten aus der Welt schafen.

D'Chambre de Commerce, d'A:LL (ndlr: A:LL Schrëftsteller\*innen, pour „Association: Luxembourg Littérature – écrivain.e.s“) an d'ULASC hunn eis Avisen erageschéckt. Si hunn hiren Accord zum Projet zum Ausdrock bruecht a jee no hirer jeeweileger Zoustännegkeet och nach eng ganz Rei weiderféierend Gedanken geäussert, déi fir zukünftige Debatte ganz bestëmmt nach wäerten interessant sinn.

Här President, dëst Gesetz gouf de 26. November 2021 deposéiert a mir hunn an deem vergaangene Joer an der Kulturkommissioun ganz intensiv drop geschafft. De schrëftleche Rapport vun dësem Gesetz gouf wéi bei deem viregte Gesetz den 1. Dezember 2022 ugeholl.

Ech wëll op dëser Plaz dem Sekretariat vun eiser Kommissioun, der Madamm Closener an dem Här Louis, e ganz härezeche Merci soen – stellvertriedend bei dësem Gesetz fir allegueren déi aner, déi mer haut de Mëtteg stëmmen – fir hir enorm gutt a gewëssenhaft Aarbecht. An ech wëll dëse Merci awer och gäre weiderginn un d'Ekip aus dem Kulturministère fir hir ganz gutt a kloer Erklärungen.

Ech ginn heimadde den Accord vun der grénger Fraktioun. Erlaabt mer awer zum Schluss unzemierken, dass dëst e gutt Gesetz fir eise Kultursecteur ass, e Gesetz, dat op ville Plazen erwaart a gefuerdert gouf a wou ech deemno houfreg sinn, dass mer et haut stëmmen an esou eng weider grouss Fuerderung aus dem Kulturentwécklungsplang kann ëmgesat ginn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Merci, Madamm Bernard.

Den éischten ageschriwwene Riedner ass déi honorable Madamm Modert. Madamm Modert, et ass un Iech.

### **Discussion générale**

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Merci, Här President. Mir knäppen hei eigentlech direkt un eis Diskussioun